




De Flyfishing Club aus Lëtzebuerg war de 6. Dezember 2026 op Kleesercher Dag op Sommedieue gefuer fir mat der Méck ze fëschen. 20 Membere vun eisem Club haten sech traditioneller weis beim Bruno afonnt, do wou eis Fëschersaison och ëmmer hiren Ufank huet, fir och op dëser Plaz d'Saison auskléngen ze loossen. Ënnerwee fir op Sommedieue hat et nawell kräfteg gereent mee zum Gléck sollt et awer Moies zum gréissten Deel dresche bleiwen. De Bruno hat eis och proposéiert fir d'Klack déi op den Aperó rifft schonn eng hallef Stonn méi fréi ze lauten ewéi soss fir dass mir Mëttes och nach eng Kéier kéinten ee bësse fësche wann ee weess dass et am Dezember séier Mëttes däischter gëtt.



Nodeems ech Moies ee puer Forelle gefaangen hat hunn ech mech op de Wee gemaach fir ze kucken ewéi et bei de Kolleege géif ausgesinn an ech sinn net wäit komm dunn hunn ech scho gesinn ewéi de Gerd am gaange war eng schéi Forell ze drillen. Ganz stolz huet Hien mir verzielt dass Hien extra eng Méck fir des Sortie gebonnen hätt a genee mat deier och seng Forell gefaangen hat. Dat ass ëmmer besonnesch flott wann een sech am Viraus mat der Saach ausernee gesat hat an dann déi erduechten Taktik och nach direkt opgeet. Dee nächste war de Serge och Hien war am gaangen ee Fësch ze drillen an esou sollt et dunn och weidergoen.



Ewéi ech beim Jemp ukomm sinn huet Hien mech drop opmierksam gemaach dass bei Him an der Géigend den Äisvillche géif joen a wat soll ech soen no enger kuerzer Sich hunn ech Hien an enger

Heck fonnt an zu menger Iwwerraschung war Dësen och guer net schei villméi huet et geschéngt ewéi wann Hien sech un d' Fëscher gewinnt hätt. Ech konnt bis ee puer Meter un Hien erukomme mee ewell Hien an der Heck verstoppt war hunn ech Him gesot Hien soll sech ee bëssen op méi eng fräi Plaz setze fir dass ech Hien fotograféiere kéint an dunn



Ganz flott war och ze gesinn dass erëm Kanner vun eise Fëscher matkomm waren a wei vill Méi sech eis Fëscher gemaach hu fir Hinnen eis Passioun ze iwwermëttelen. D' Kanner ware mat Begeeschterung dobäi an hunn eis vill Freed bereet.



No ee puer naassen a ustrengende Stonne ware mir du frou ewéi et op den Aperó gaangen ass, dat ass de Moment wou mir da kennen de Kollege verziele wat mir Alles erlieft hunn, natierlech wuessen dobäi dann och d' Fësch ee bëssen déi ee gefaangen hat a Jiddereen ass och der Meinung dass seng Méck Haut déi Beschten war mee et wär awer nëmmen hallef esou flott wann dëst sougenannte Fëscherlatäin géif feelen. Iwwer Dësch ginn dann och niewent dem gudden Iessen,

de Bruno hat eis Ragoût mat Purée an als Entrée eng Tranche Paté zerwéiert fir uschléissend dat ganz mat engem gudde Stéck Kéis ofzeronnen, déi al Erënnerungen erëm opliewe gelooss ginn an och dat gehéiert bei eise Sortien onbedéngt dozou hu mir dach schonn esou vill zesummen am Laf vun de Jore beim fëschen erlieft.





Esou geet erëm ee Joer voller Erlefnesser an Emotiounen beim fësche mat de Komeroden op een Enn, mir blécken op vill gefaange Fësch a besonnesch Momenter déi mir zesumme beim Waasser erlieft hunn zeréck. Hänke bliwwe sinn awer och esou Momenter ewéi wou mir zu Freux hu misse mat eise Grill an d' Scheier plënnere ewell ee fatzegt Donnerwieder erof gaangen ass oder dee wonnerschéinen Hiecht wou de Jemp um Domäne de Coyolles mat der Méck gefaangen hat. Elo heescht et erëm iwwer Wanter beim Guy an de Bannkuren eis Mécke Keschten ze fëllen an da kann déi nei Saison komme wou mir dozou och nach als Club eist 30 järege Bestoe feieren. Elo bleift nëmmen nach eise Membere besënnelech Kreschtdeeg an ee gudde Start an dat neit Joer ze wënschen.